



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7753 vum 13. Mäerz 2023 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

A wéi enge Situatiounen ass de Chauffeur vum Gefaangenentransport an enger Urgence an dierf mat bloe Luuchten an der Sireen fueren?

Den "Service urgent", ass am "Arrêté grand-ducal du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques (tel que modifié)", définéiert:

"Art. 2 pt. 5.10.

Service urgent: tout déplacement en véhicule qui requiert une intervention urgente pour sauver des vies humaines, pour prévenir des atteintes à l'intégrité physique de personnes, pour sauvegarder des biens, pour assurer la sûreté et la sécurité publiques et pour maintenir l'ordre public; les déplacements en véhicules de la police grand-ducale utilisés en service de protection, de maintien de l'ordre, de recherche d'auteur d'infraction ou d'infraction ainsi que les déplacements en véhicules des douanes utilisés en service de recherche d'auteur d'infraction ou d'infraction sont assimilés au service urgent."

Soubal den Déplacement dëser Definitioun entsprécht, kann dat entsprechend Gefier am Service urgent gesteeiert ginn. De Chauffeur vum Gefaangenen-Transport kann zu all Moment an eng Situatioun kommen, wou en Déplacement am Service urgent ubruecht ass, souwuel an der Missioun vum Gefaangenen-Transport wei och duerch eng anerer Missioun. Fir all Transport gëtt individuell bewäert, ob eng potentiell Gefor virläit.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX